FGFC
Jo fir d'Gemengepersonal



# De Kleeschen kënnt

**Sonnden, 26. November 2023**
*vu 15:30 bis 18:00 Auer*

**Centre culturel Tramsschapp**
*Stad Lëtzebuerg - Lampertsbierg*

Fir d'éischte Kéier organiséiere d'FGFC zesumme mam Kleeschen an senge Gesellen e flott Kannerfest. De Kleeschen wëll sech et dofir net huelen loossen an **all Kand bis de Cycle IV 2 abegraff**, dat sech an dësem Joer gutt geschéckt huet, als Belounung eng Tiitchen mat Séissechkeeten ze iwwerreechen. All Kand **kritt e Bong a kann domat eng Tiitchen vum Kleeschen** entgéint huelen.

**D'Tute mussen**, (och fir Kanner bei denen de Papp oder Mamm net FGFC-Member ass an déi bei dëser Feier och gär eng Tut hätte, well se brav a fläisseg waren) **bis spéitstens Méindeg, den 13. November 2023 via Mail bestallt ginn.**

Maacht eis eng Email op kleeschen@fgfc.lu mat:

1. **Numm & Virnumm vun der Begleedpersoun**
2. **Numm vum Kand/ vun de Kanner**

All Kand kritt e personaliséierte Bong op d'Emailadress vun der Umeldung zréck-geschéckt. Fir Tiitchen beim Kleeschen ze kréien, brauch een den digitalen Noweis um Handy respektiv eng Printversioun vum Bong.

Wann nach eng Fro ze beäntwerte wier, da kann een den Elfen eng Mail maachen kleeschen@fgfc.lu oder um 407720-1 uruffen.

**Am Optrag vum Kleeschen**

